**<u>Gemeng Rammerich</u>**

# Gemengerotssëtzung vum 20. Dezember 2022

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir se kënnen ze bebauen.
2. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de geännerte Statute vum interkommunale Syndikat "Musikschoul Kanton Réiden".
3. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum rektifizéierte Budget 2022 a vum Budgetsprojet 2023 vum Sozialbüro OS-CARE.
4. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Kontrakt "EduCare" fir d'Joer 2023.
5. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun der Konventioun an Zesummenhang mat der Organisatioun vun "Aqua-Fitness"-Course fir d'Zäit vun November 2022 bis Juli 2023.
6. Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun den Aschreiwungstaxe fir déi verschidden Owescoursen.
7. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Loyerskontrakt fir d'Etude vum Notär.
8. Deliberatioun iwwer d'Zousätz zu de Loyerskontrakte fir d'Dokteschpraxen am "Centre médical".
9. Deliberatioun iwwer en Zousaz zum Loyerskontrakt mat de "Laboratoires Réunis Luxembourg S.A.".
10. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.
11. Rektifizéierte Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022.
12. Budgetsprojet vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2023.
13. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Recetten.
14. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.
15. **<u>Net ëffentlech Sëtzung:</u>** Demissioun vun enger Gemengebeamtin

## Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Entschëllegt: ./.

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begréisst d'Conseillere fir dës läscht Sëtzung am Joer an deelt mat, datt déi nächst Sëtzungen de 26. Januar an den 2. Mäerz 2023 sinn.

## 1. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir se kënnen ze bebauen.

An der Rue de l'Église zu Wolwen soll en Terrain op dräi Parzelle vun 3,09, 2,10 an 1,91 Ar opgedeelt ginn, fir hei kënnen dräi Wunnhaiser ze bauen.

E bebauten Terrain tëschent der Rue des Artisans an der Rue Principale zu Rammerich gët op dräi Parzellen opgedeelt, vun deenen der zwou vu 4,05 Ar a vun 3,57 Ar solle bebaut ginn an déi drëtt vun 0,05 Ar fir den Trottoir genotzt gëtt.

E weidere bebauten Terrain an der Rue Principale zu Rammerich gëtt op zwou Parzelle vun 3,29 an 3,05 Ar opgedeelt, fir hei kënnen zwee Haiser ze bauen.

Dës Opdeelunge sinn all eestëmmeg ugeholl ginn,

## 2. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de geännerte Statute vum interkommunale Syndikat "Musikschoul Kanton Réiden".

En Zousaz zu de Statute vum interkommunale Syndikat "Musikschoul Kanton Réiden", den e Renvoi op en neit Gesetz mécht, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 3. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum rektifizéierte Budget 2022 a vum Budgetsprojet 2023 vum Sozialbüro OS-CARE.

De rektifizéierte Budget vum Sozialbüro vum Kanton Réiden notéiert am uerdentleche Beräich Recette vun 2.111.650,10€ an Depense vun 1.969.914,59 €, also en Iwwerschoss vun 141.735,51€. Dovu gëtt de Mali vun 2021 mat 97.403,71€ ofgezunn, sou datt hei fir 2022 en definitive Boni vu 44.331,80€ entsteet.

Am ausseruerdentleche Beräich sti Recette vu 15.110,92€ an Depense vun 11.521,16€, also e Benefice vun 3.589,76€, wat zesumme mam Benefice vu 463.297,18€ aus dem Joer 2021 e Gesamtiwwerschoss vu 466.886,94€ ergëtt.

De Budgetsprojet vum OS-CARE gesäit fir 2023 am uerdentleche Beräich Recette vun 2.332.825,96€ an Depense an där selwechter Héicht vir. Mam Boni vun 2022 bleift deemno e Gesamtboni am Ordinäre vu 44.331,80€.

Am ausseruerdentleche Beräich entsteet bei Recette vun 8.255,96 € an Depense vu 6.652,98 € e Benefice vun 1.602,98 €, dee bei den ausseruerdentlechen Iwwerschoss vun 466.886,94 € aus dem Joer 2022 dobäigerechent gëtt, sou datt den ausseruerdentleche Beräich 2023 mat engem Plus vu 468.489,92 € ofschléisst.

De rektifizéierte Budget 2022 an de Budgetsprojet 2023 ginn eestëmmeg ugeholl.

D'Conseillère Sonja Kettmann (CSV) a Myriam Picard (LSAP) wëllen hei méi am Detail wëssen, wéi et em d'Leit aus hirer Gemeng steet, eng Fro, déi trotz regelméissiger Nofro nach net vum Sozialbüro OS-CARE beäntwert ginn ass.

De rektifizéierte Budget 2022 an de Budget 2023 ginn eestëmmeg ugeholl.

## 4. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Kontrakt "EduCare" fir d'Joer 2023.

Dëse Beroderkontrakt, deen all Joer erneiert gëtt, an dee vum 1.1.2023 bis den 21.12.2023 leeft, soll dozou déngen, ze beroden an déi pedagogesch-technesch Innovatioun an de Grondschoule ze begleeden. D'Käschte fir d'Gemeng Rammerich leie bei 7.057,44€ pro Joer.

De Kontrakt gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 5. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun der Konventioun an Zesummenhang mat der Organisatioun vun "Aqua-Fitness"-Course fir d'Zäit vun November 2022 bis Juli 2023.

Eng Konventioun mat der Madamm Monique Zepp-Müller reegelt d'Organisatioun vun "Aqua-Fitness"-Coursen, déi vum November 2022 bis Juli 2023 an der Schwemm zu Kietscht gehale ginn. Dëss Course si jeeweils méindes vu 16.15 bis 17.00 a vu 17.15 bis 18.00 Auer ënner der Opsicht vum Schwammmeeschter. Wärend de Schoulvakanze si keng Coursen.

Dës Konventioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 6. Deliberatioun iwwer d’Festleeë vun den Aschreiwungstaxe fir déi verschidden Owescoursen.

De Schäfferot proposéiert fir d’Aschreiwungstaxe fir d’Babysitter-Coursen op 10,00€ pro Persoun festzesetzen an d’Aschreiwe fir “Self-Defense”-Coursen op 120,00€ fir Erwuessener an op 60,00€ fir Kanner festzeleeën, wat eestëmmeg ugeholl gëtt.

## 7. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vum Loyerskontrakt fir d’Etude vum Notär.

De Loyerskontrakt mat der Me Joëlle PIERRET fir d’Etude vum Notär op 15, rue Principale zu Rammerich gëtt fir eng Dauer vun dräi Joer ofgeschloss a kann duerno vu Joer zu Joer verlängert ginn. De Loyer pro Mount gëtt op 3.500,00€ festgeluecht. De Kontrakt gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 8. Deliberatioun iwwer d'Zousätz zu de Loyerskontrakte fir d’Dokteschpraxen am “Centre médical”.

Nodeems d’ ”Laboratoires Réunis Luxembourg S.A.” den Archivraum vun 26,35 $m^2$ am “Centre médical” op 21, rue Principale zu Rammerich net méi benotzen, lounen d’Doktere Goeders, Maquil an Theis dëse Raum als Archiv a Kitchenette fir e Loyer vun 920,00€ de Mount.

An deem Kontext deelt de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) mat, datt vum 1. Januar un eng nei Doktesch zu Rammerich bäikënnt. Mat den Zousätz zu de Loyerskontrakte sinn all Conseilleren d’Accord.

## 9. Deliberatioun iwwer en Zousaz zum Loyerskontrakt mat de “Laboratoires Réunis Luxembourg S.A.”.

Mat engem Zousaz zum Loyerskontrakt vum 9. Januar 2013, verlount d’Gemengeverwaltung Rammerich de “Laboratoires Réunis Luxembourg” e Büro vu 15,63 $m^2$ um éischte Stack op Nummer 21a, rue Principale zu Rammerich. Domatt plënneren d’ ”Laboratoires Réunis” op den éischte Stack an de Kontrakt gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 10. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.

Verschidden zäitlech begrenzten dréngend Verkéiersreglementer ginn eestëmmeg confirméiert:

Zu Hueschtert wéinst Gruefaarbechten an der Rue Principale (N23) vum 3. bis 31. Oktober 2022;

Zu Hueschtert wéinst Gruefaarbechten an der Rue Principale (N23) vum 2. November bis 24. Dezember 2022;

Zu Kietscht wéinst Gruefaarbechten an der Rue des Alliés (N23) vum 14. November bis 23. Dezember 2022;

Zu Wolwen wéinst Gruefaarbechten an der Route de Perlé vum 5. bis den 23. Dezember 2022;

Zu Pärel wéinst Gruefaarbechten an der Rue Haute vum 5. bis den 23. Dezember 2022.

## 11. Rektifizéierte Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022.

Bei der Virstellung vum rektifizéierte Budget 2022 an dem Budgetsprojet 2023 weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt déi wichtegst Punkte schonns an enger Aarbechtssëtzung beschwat gi sinn.

A senger Budgetsanalys geet hien ënner anerem op d'Pro-Kapp-Verschëldung fir déi 4.800 Awunner vun der Gemeng an, déi sech de Moment op 5.453,00€ beziffert. Enn 2023 leit d'Gesamtschold vun der Gemeng bei 25,6 Mio. €.

Seit hie Buergermeeschter ass, si ronn 170 Mio. € an der Gemeng investéiert ginn, dat sinn an der Moyenne 10 Mio. € pro Joer. Dobäi sinn 20 Mio. € Scholde bäikomm, de Rescht ass mat Eegemëttel finanzéiert ginn.

Trotzdeem misst ee mat der Schold oppassen: déi läscht Jore waren et virun allem d'Sue fir déi nei Kläranlag, an elo kéim déi nei Maison Relais a warscheinlech eng nei Sportshal.

Bei de Recette wier et keng grouss Ännerung ginn, ronn 1 Mio. € méi am ordinären, mee d'Depensen hätte sech massiv erhéicht.

Hie weist drop hin, datt de Boni am rektifizéierte Budget mat 4,4 Mio. € ëm 0,5 Mio. € méi héich war, wéi virgesinn, a wier frou, wann och dëst Joer 4 Mio. € am ordinäre bléifen, wat awer an der aktueller Situatioun problematesch ass.

De Buergermeeschter geet op verschidde Projeten an, sou op d'Depense beim SIDEN, wou nach Aarbechten zu Bilschdref an zu Ueschdref virgesi sinn. Bei der Maison Relais si 700.000,00€ fir Pläng an eventuell den éischte Spuetestëch virgesinn, beim Camping um Houltz waart een op d'Geneemegungen, zu Pärel an um Houltz si Stroossenaarbechte virgesinn, fir d'Fussballsterraine stinn 80.000,00€ am Budget, an d'Buvette zu Pärel soll mat 850.000,00€ fäerdeg ginn. Da geet hien op Pläng an, fir d'Heizung vum Schoulcampus op Holz ëmstellen ze loossen, op d'Norëschte vun de Spillplaatzen, beim Wandpark sollen d'Installatiounen um Houltz an zu Rammerich normal gebaut ginn, wärend déi zu Foulscht méiglecherweis méi kleng ausfält.

D'Stroosseluuchte solle weider op LED ëmgestallt ginn, an och an de Musikssäll zu Rammerich an zu Pärel wier et net hell genuch, an och do géif

op LED ëmgestallt ginn. Weider weist hien op de Programm vun de Feldweeër, de Kierfecht an d'Morgue zu Pärel an eng nei Fassad fir d'Schoul zu Ueschdref hin.

Bei der DEA ass en Apport en capital fälleg, an do hätt d'Gemeng och hir reservéiert Kapazitéit vun 1.000 $m^3$ iwwerschratt, sou datt déi misst eropgesat ginn. Och muss an den nächste fënnef Joer de Waasserbehälter zu Foulscht erneiert ginn.

Beim Gemengenatelier, wou eng Rëtsch nei Leit agestallt gi sinn, mussen och nei Gefierer kaaft ginn, fir bal eng Millioun € (2022 + 2023).

Duerno geet de Buergermeeschter op eng Rei Froe vun den LSAP-Conseillere Sascha Hengen, Myriam Picard a Patrick Schuller an.

Zur Fro, no der Zuel an der Beleeung vun de Gemengewunnengen informéiert hien, datt déi 12 Wunnengen mat engem Loyerskontrakt bewunnt sinn, ausser d'Härenhaus zu Pärel. Och wieren all reliéis Gebaier mat Compteuren equipéiert, esou datt d'Ofrechnung vun 20% vun de Verbrauchskäschte korrekt kéint geschéien.

Bei der Fro nom Verhältnis vun de Personalkäschten zum ordinäre Budget seet hien, datt 23,37% vun de renge Lounkäschten a 27,22% vun den insgesamten Ausgabe fir Léin par rapport zum ordinäre Budget bezuelt géife ginn.

Zu den ënnerschiddlechen Zomme fir den Tourist info point kann de Buergemeeschter keng Informatioun ginn, well dëse Montant direkt vum Réidener Kanton agedroe gëtt.

D'Botze vun de Poubellen, dat d'läscht Joer agefouert ginn ass, wier gutt bei de Leit ukomm a géif zu 80% och profitéiert.

Zur Fro no enger Konventioun mat der "Koll an Aktioun" seet de Buergermeeschter, 2020 hätt een eng Konventioun gehat, 2021 net, sou datt een 2022 net wousst, ob een eng misst maachen. Zur Fro, wien déi 4.500,00€ Subsid fir de "Chrëschtmaart op der Leekoll" krut, seet de Buergermeeschter, datt déi un d'Frënn vun der Lee gaange sinn.

Op d'Fro, wéi eng Fussballterrainen aktuell mat LED-Luuchte funktionéieren, nennt de Buergermeeschter den Terrain vu Rammerich an den Trainingsterrain vu Foulscht.

Zur Fro, firwat am rektifizéierte Budget 60.000,00€ fir "Pistes cyclables / appareils de fitness" agedroe sinn, déi am Budget mat 0 € stungen, weist de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) drop hin, datt am Budget aus Spuermoossnamen näischt agedroe gi wier, mee well alles nom 1. Januar méi deier gëtt, hätt een dat an de rektifizéierte Budget 2022 gesat, fir et virum 31. Dezember nach méi gënschteg kënnen ze kafen.

Wann all dës Projeten realiséiert sinn, sou de Buergermeeschter, da gesäit den Tableau fir de Budget esou aus:

De rektifizéierte Budget vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2022 presentéiert am ordinäre Beräich Recette vun 23.392.396,88 € bei Depense

vun 18.975.187,65 € wat en Iwwerschoss vun 4.417.209,23 € an e Gesamtboni am Ordinäre vu 4.417.209,23 € ergëtt.

Am extraordinäre Budget sti Recette vun 8.995.960,34 € bei Depense vun 12.110.100,84 €, wat e Joresdefizit vun 3.114.140,90 € ausmécht an zesumme mam Mali aus dem Kont 2021 vun 2.720.863,51 € e Gesamtmali vun 5.835.004,01 € bedeit.

Verrechent een elo de Gesamtmali aus dem extraordinäre Budget mat Gesamtboni vu 4.417.209,23 €, da bleift fir Enn 2022 e presuméierte Mali vun 1.417.794,78 €.

## 12. Budgetsprojet vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2023.

Fir de Budgetsprojet vun der Gemeng Rammerich fir d'Joer 2023 gesäit den uerdentleche Beräich Recette vu 24.305.705,12€ vir bei Depense vun 21.435.357,16€, wat e Benefice vun 2.870.347,96€ iwwregléisst.

Am extraordinäre Service sti Recette vun 12.285.037,60€ bei Depense vun 13.264.119,15€, wat en Defizit vun 979.081,55€ ausmécht. Zesumme mam presuméierten Defizit vun 2022 vun 1.417.794,78€ ergëtt sech e Gesamtdefizit vun 2.396.876,33€.

Rechent een elo dëse Gesamtdefizit am extraordinäre Beräich vum Benefice vun 2.870.347,96€ aus dem ordinäre Beräich of, da bleift um Enn vum Joer 2023 en ordinären Iwwerschoss vun 473.471,63€.

Nodeems d'Schäffin Myriam Binck (CSV) alle Mataarbechter vun der Gemeng fir hir Matarbicht um Budget Merci gesot hat, setzt d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) sech kritesch mam Budget auserneen.

Si kritiséiert virun allem, datt den Ënnerscheed tëschent den ordinäre Recetten an den ordinären Depensen ëmmer méi kleng gëtt, well d'Depense méi séier klammen wéi d'Recetten, wat een onbedéngt muss am A behalen.

Och wiere bei den ausseruerdentleche Recetten nach iwwer 3 Mio. € u Subsiden net erakomm. Doriwwer eraus misst dëst Joer e Kredit vu 5 Mio. € opgeholl ginn, fir de Budget auszegläichen, woumat d'Schold Enn 2023 bei 30 Mio. € leit. Louch d'Charge de remboursement 2022 mat 2 Mio. € bei 8,59% sou sinn dat mat 2,4 Mio. € 2023 schonn 10%.

Sie begréisst et, datt de Chantier mat de Kläranlagen op en Enn geet, grad ewéi och d'Erneierung zu Rammerich a vun der Buvette zu Pärel an och datt dëst Joer méi Luuchte mat LED sollen equipéiert ginn.

Da weist sie drop hin, datt d'Schoul an d'Schwemm zesummen 210.000 Liter Mazout verbrauchen. Och vermësst si den Uschloss un de SICEC, wat ëmmer méi gefrot wier, besonnesch och wéinst dem Bëschkierfecht.

Da bedauert si, datt déi 25,00€ fir d'Schoulmaterial dëst Joer net méi am Budget stinn.

Well dëst dee läschte Budget vun dëser Legislaturperiod ass, ernimmt si eng Rei vun Themen, déi d'LSAP periodesch fuerdert: Soziale Wunnengsbau, de Camping wier säit 2015 op der Waardelëscht, d'touristesch Entwécklung vum Schifermüsee zu Maartel, d'Erhale vum kulturelle Patrimoine mat dem Monte-Charges op der Leekoll. Iwwerhaapt wier de Budget eng Lëscht vu Baustellen, woubäi se speziell d'Maison Relais ernimmt.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) informéiert iwwer d'Virbedéngungen, déi mussen erfëllt sinn, éier ee ka bei de Gemengesyndikat SICEC bäitrieden, da weist hien op administrativ Problemer beim Camping hin, bei de Sozialwunnengen wier et net ëmmer einfacht, mat de Proprietäre vun den Terrainen ze verhandelen an um Camping Houltz géif vun de Studiebüroen ëmmer nees nogebessert an och hei goufen et Problemer mat den Administratiounen. Bei de Leekolle wier den ursprénglече Projet falegelooss ginn, mee hie wier amgaang, fir alles, wat mat Schifer ze dinn huet, op d'Leekoll sollt kommen. Hei géifen och aner Iddien am energetesche Beräich ënnersicht, grad ewéi och d'Iddi vun engem Hotelbetrieb. De Buergermeeschter wier och léiwer méi wäit komm wéi bis elo, mee et wier net ëmmer alles d'Schold vum Schäfferot.

De Conseiller Romain Rausch (DP) geet och op d'Subsiden an, déi am extraordinäre Budget feelen, hie fënnt d'Ëmstellung op LED-Luuchte gutt, bedauert dann awer, datt d'Gemeng pro Joer 400.000 Liter Mazout verbraucht, a fënnt, datt ze wéineg fir Energiespuermesuren am Budget virgesinn ass an datt hei e Konzept feelt. Hien ass erféiert iwwer 700.000,00€ Studiefraise fir d'Schoul, kritiséiert d'Depense vu 35.000,00€ fir eng rout Luucht zu Foulscht, déi d'Strooss net méi sécher mécht, appreciéiert d'Virukomme beim Wandpark an de Bëschkierfecht, d'Investitiounen an de Gemengenatelier, d'Moyene fir d'Opkafe vun Terrainen an d'Buvette fir de Päreler Fussball.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) zielt op, wat am Beräich vun de Stroossenaarbechte gemaach ginn ass a wat nach ze maache bleift. Zum Energieverbrauch erënnert hien drun, datt d'Heizungen all um neiste Stand sinn, mee hie gesäit fir gréisser Projeten an Zukunft éischter eng Cogeneratiounsanlag mat Produktioun vu Wäermt a vu Stroum.

No der Diskussioun ass iwwer de Rektifizéierte Budget 2022 ofgestëmmt ginn, mat aacht Jo-Stëmmen an dräi Nee-Stëmme vun den LSAP-Conseilleren.

Och bei der Ofstëmmung iwwer de Budgetsprojet fir 2023 waren aacht Conseilleren derfir an déi dräi LSAP-Conseilleren dergéint.

## 13. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Recetten.

D'Conseilleren ënnerschreiwen all d'Gemengerecetten.

## 14. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.

Déi schrëftlech Froe vun de Conseilleren sinn all bei der Budgetsdiskussion beäntwert ginn.

## 15. <u>Net ëffentlech Sëtzung:</u> Demissioun vun enger Gemengebeamtin

An enger net ëffentlecher Sëtzung diskutieren d’Conseilleren iwwer d’Demissioun vun enger Gemengebeamtin.